Slava Ukraini

Positiounspabeier

Déi Russesch Federatioun huet hiren Truppen de 24. Februar 2022 den Uerder ginn an d'Ukrain anzemarschéieren. Säit engem Joer erreechen eis Dag fir Dag Biller vun der Zerstéierung a vun Ugréffer op d'Zivilbevëlkerung. Déi russesch Féierung weist keng Skrupel fir Wunnquartieren, Kliniken oder Gebeier unzegräifen, wou déi ukrainesch Bevëlkerung Schutz sicht.

8,1 Milliounen Ukrainer si bis Februar 2023 an Europa geflücht op der Sich no Sécherheet. 4,9 Millioune vun hinne krute bis haut temporäre Schutz an Europa.[1]

Déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain stellt Europa virun néi sécherheetspolitesch Erausfuerderungen. Mir hu misste feststellen, datt keng vun den ergraffene Mesurë virun 2022 gehollef hunn fir Russland vun dësem onprovozéierten Ugréff zeréck ze halen. Et gëtt dofir keng Alternative wéi d'Ukrain weiderhi mat humanitärer a militärescher Ënnerstëtzung Dag vir Dag zur Säit ze stoen. Mir stinn dofir hannert der europäescher Solidaritéit fir d'Ukrain déi net nëmme fir hiert eegent Iwwerliewe kämpft, mee och eis europäesch Wäerter verteidegt.

Op europäeschem Plang begréisse mir dofir d'Schafung vun enger Direktioun innerhalb vun DG NEAR (Noperschaft an Erweiderung) déi sech em d'Ënnerstëtzung fir d'Ukrain këmmert.[2]

Als CSJ sti mir kloer op der Säit vun der Ukrain. Déi europäesch Sanktioune gräifen, an dofir ënnerstëtze mir des och weiderhin. Lëtzebuerg a seng Entreprisë mussen sech drop virbereede fir beim Erëmopbau aktiv mat ze hëllefen. Dest wäert nieft den Infrastrukturen awer och Ënnerstëtzung vun de lokalen an nationalen Administratiounen a Servicer mat sech bréngen.

Mir ënnerstëtze d'Schafe vun engem internationale Krichstribunal fir déi Verantwortlech vu Krichsverbriechen zur Rechenschaft ze zéien.

Eis Gedanken an eis Solidaritéit si weiderhi beim ukrainesche Vollek an awer och bei deene Russen déi géint dësen ongerechtfäerdegte Krich a géint déi russesch Féierung protestéieren.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress vum 11. Mäerz 2023 zu Déifferdeng

---

[1] https://data.unhcr.org/en/situations/ukraine (04.03.2023)

[2] https://neighbourhood-enlargement.ec.europa.eu/system/files/2023-03/01.03.23%20OrgChart-NEAR.pdf (04.03.2023)